## 29.03.1985 Entrevue mam Schefferot

Eng Delegatioun vun de « Wiisser Leit » (Hein Gérard, Putz René, Mme Schmit, Mme Stark, René Zambon, Tremuth Fern) hu geschwat mat dem Schefferot vun der Gemeng Munnerëf (Buergermeeschter Schadeck Victor, Scheffen Arsène Weicker a Lucien Wies, Sekretär Marcel Thilman) iwwert eng ganz Rutsch Themen :

1. Den Tippa m Weiherchen (gouf planéiert a beschëldert) soll eng Grillplaz ginn
2. D'Plange fir d'Erneiere vum Festsall op der Schoul solle mam Architekt frësch duerchduecht ginn
3. D'Kichen am Schoulkeller soll esou bal wéi méiglech fäerdeg gemat ginn
4. Moralesch a rechtlech Ënnerstëtzung vun der gemeng gët eis zougesot fir d'Aménagement vun den Uwänner vun der Aalbaach
5. Eng Lëscht vu Plazen, wou ee nach Blummebacen kann histellen, solle mir op der Gemeng ofginn
6. Aarbechten und der Fëlschdrëfferstrooss si weder am Staats- nach am gemengebudget virgesinn
7. fir eist Duerffest duerfe mir de Schoulhaff an d'Toiletten am Keller benotzen, grade sou wéi d'Kichen, déi bis da soll fäerdeg sinn

Dat Gespréich gouf vun deenen zwou Säiten als positiv bewert an d'Hoffnung gouf ausgesprach, an deem Sënn weider zesummenzeschaffen.

---

## 29.04.1985 Entrevue mam Architekt a mam Schefferot

D'Kommissioun « Festsall op der Schoul » huet op der Plaz mam Architekt Jos Conrad a mat de Vertrieder vum Schefferot, den Hören Arsène Weicker a Lucien Wies, diskutéiert, wéi de Festsall soll ëmgeännert ginn. Och d'Ariichte vun enger kichen am Keller gët beschwat a soll sou séier wéi méiglech ausgefouert ginn.

---

## 29.04.1985 Entrevue mam Minister Marcel Schlechter

E puer Membre vun eisem Comité (Berscheid J., Stark Marcelline, Roger Catherine) beschwätze mam Verkéiersminister Marcel Schlechter d'Opstelle vu Stroosseluuchten an der Fëlschdrëfferstrooss (CR 155). Op eis Ureegung hin erklärt de Minister sech bereet, Lanteren opriichten ze loossen, wann d'Gemeng déi zousätzlech Käschten iwwerhëlt. Dozou ass d'Gemeng bereet, gët nach dee selwechten Dag décidéiert.

---

## 29.04.1985 « Descente sur les lieux » am Weiherchen

Dee selwechten Owen, uschléissend un eis Entrevue mam Architekt a mam Schefferot, ginn déi zwou Kommissiounen « Spillplaz » a « Grillplaz » an de Weiherchen kucken, wéi déi zwee Projeten am beschte kënne realiséiert ginn.

---

## 09.05.1985 Entrevue mam Fieschter

Ëm 20.00 h kommen déi zwou Kommissiounen « Grillplaz » a « Spillplaz » mam Här Rassel vun Duelem, dem Fieschter, zesummen. Hie versprécht eis Hëllef beim Ariichten vun der Spillplaz, beim Uplanzen vun der Heck (Spillplaz) a vu Beem (Grillplaz). Déi Plaz soll bis den Hierscht gebotzt ginn. Ugeplanzt sollen all Zorte Beem ginn, déi bei eis wuessen. D'Plaz soll net méi Grillplaz genannt ginn, mä Naturléierpark.

---

## 07.12.1985 Entrevue am Weiherchen, op der Grouf, beim Wäschbuer

Em 9 Auer haten sech afond :
Weicker Arsène, Scheffen
Weicker René, Chef-Cantonnier vun der Gemeng
Rassel John, Fieschter
Hein Gérard, Braun Jos, Zepp Gilbert, Putz René, Steichen Marco, Vertrieder vun de Wiisser Leit.

- am Weiherchen : Beem solle vum Fieschter a vun de Gemengenaarbechter ugeplanzt ginn ; d'Gemeng iwwerhëlt d'Käschten
- op der Grouf : géint d'Tippen schénge mer net unzekommen. Et sollen nach 1000 t dohinner goen. Op Dränge vum Fieschter a vun de Wiisser Leit erklärt den Arsène Weicker sech bereet, do eng Barrière opriichten ze loossen, dass nëmmen nach ënnert Opsiicht vun der Gemeng ka getippt ginn, an nëmme Bauschutt, keen Dreck méi.
- beim Wäschbuer : Eng Heck soll ugeplanzt ginn, Bänken an en Dësch gi vun de Gemengenaarbechter an dem Fieschter do opgestallt. D'Käschte ginn zur Halschtend vun der Gemeng an zur Halschtend vun de Wiisser Leit gedroen.

---